Natur ronderëm d‘Haus

SIAS

Mir informéieren lech bei der Gestaltung vun Ären Alentouren.

Bei der Gestaltung vun Ären Alentoure stitt Dir virun enger ganzer Rei vun Optiounen, an et ass net ëmmer einfach fir sech do ze entscheeden. Wann Dir Ären Terrain ekologesch gestalte wëllt, bidde mir lech ënner anerem Informatiounen iwwer Wëllstauden, aarteräich Blummewisen, Uebst- a Lafbeem, Hecken, an awer och zu verschiddensten Aktiounen, mat deenen Dir Liewensraum fir Déieren (Igelen, Villercher asw.) an Insekten (Beien, Päiperleken asw.) schafe kënnt.

Mir bidden lech op eiser Homepage zu all dësen Themeberäicher nëtzlech Informatiounen a flott Videoen.

Informatiounsmaterial fann Dir ob eiser Homepage:

www.sias.lu

Bei weidere Froe kënnt Dir eis och gäre kontaktéieren:

SIAS
5, rue Neihaischen
L-2633 Senningerberg

Biologische Station
T 34 94 10 1
E biologeschstatioun@sias.lu



De SIAS: en Nohaltegkeetssyndikat

D’Biologesch Statioun vum Gemengesyndikat SIAS koordinéiert a realiséiert a sengen 21 Gemengen, mat der Ënnerstëtzung vum Ëmweltministère, kommunal a regional Naturschutzprojeten. D’Aufgab vun der Biologescher Statioun ass d’Ëmsetzung vun den nationalen Naturschutzziler (z.B. den Erhalt vun der Aartevillfalt) op lokalem a regionalem Niveau. Dat heescht konkret d’Ëmsetzung vu prakteschen Naturschutzprojeten, Aarten- a Biotopschutz, esou wéi Berodung a Sensibiliséierung.